*Grau, teurer Freund, ist alle Theorie,*
*Und grün des Lebens goldner Baum*
*Goethe, Faust*

*„Ich höre schon alle sagen, ein Baum, was ist das schon, ein Stamm, Blätter, Wurzeln, Käferchen in der Rinde und eine manierlich ausgebildete Krone, wenn's hochkommt, na und? Ich höre sie sagen, hast du nichts Besseres, woran du denken kannst, damit sich deine Blicke verklären wie die einer hungrigen Ziege, der man ein schönes fettes Grasbüschel zeigt? Oder meinst du vielleicht einen besonderen Baum, einen ganz bestimmten, der, was weiß ich, womöglich einer Schlacht seinen Namen gegeben hat, etwa der Schlacht an der Zirbelkiefer, meinst du so einen?"*
*Jurek Becker*



LE JARDIN

Des milliers et des milliers d'années
Ne sauraient suffire
Pour dire
La petite seconde d'éternité
Où tu m'as embrassé
Où je t'ai embrassée
Un matin dans la lumière de l'hiver
Au parc Montsouris à Paris
A Paris
Sur la terre
La terre qui est un astre.

Jacques Prévert

Die Fichte

Ein Fichtenbaum steht einsam
Im Norden auf kahler Höh.
Ihn schläfert; mit weißer Decke
Umhüllen ihn Eis und Schnee.

Er träumt von einer Palme,
Die, fern im Morgenland,
Einsam und schweigend trauert
Auf brennender Felsenwand.

Heinrich Heine

*„Forêt de Fontainebleau"*
*de Guido Oppenheim*


TRAITTÉ
DE LA CULTURE
DES FORESTS

Il y a longtemps qu'on se plaint que les Futaïes se ruinent; qu'elles s'aneantissent partout: que dans peu elles seront reduittes en taillis; et qu'incessamment nous manquerons

*„Traité de la culture des forêts",*
*par Vauban*

Spazéiergank duurch d'Stad

Ech hun eng eidel Landschaft gesin
An deër lauter schwaarz Wanterbeem stin
Alleguer d'Wise gin nët méi gréng
t'bleift alles plakeg a kal
Kee Mënsch freet firwat, 't as keen sou keng
Näischt gët nei, 't bleift alles al
An 't komme keng Blieder méi un d'Beem
Katrin, wat sin dat fir komesch Dreem?

Guy Rewenig
(Aus dem Buch „Sonndes däerf ee Wollécke fänken")

Oktober

Unter einem Baum sitzen
und die kleinen Mädchen
anlächeln
die vorbeiblühen
alte Geheimnisse
mit roten Backen

Michèle Thoma
(Aus „Das Blaue vom Himmel", Ed. Guy Binsfeld 1985)

## Am Bësch vun der Kandheet

eng kéier war ech
kéng wéi de nansen
am buch, dat meng mamm zu knaphouschend
an der schoul als präis kritt hat
wéi un enger friemer hand gezunn a gerappt
an eng vu mir dohinner
vrun elauter angscht
ni begaange richtung
virgestouss
bis matzen an d'häerz vum bësch
drop gefaasst
datt hannert all bëllzege bam
e bëschdäiwel giff eraussprangen
fir mer mat engem blénkege mëschtgreef
an der fauscht
de wee ofzespären
wéi ech
op eemol
an enger däischtergrénger
mat schlaangendécken efeuseeler
iwwerwuessener
mat fiichte schietflaatschen
zougehaangener fielsenhiel
an engem gëfteg-grénge bëschkawwo
dee mech un dat verfluchte foxelach
mam doudege meedchen erënnert huet
mäi grousspapp
gesinn hun do sëtzen:
äisgro
voller rëss
knubbeleg
de kapp no vir op d'broscht hänken
aus eechenholz
méi wéi dausend joer al
an op senger stir huet
grujheleg
en har gestanen
wéi en aarm esou laang
en har, en har, en har

ech stung do, wéi vum blëtz erschloen, hu wuel gesinn, datt ech et mat engem verwuessene bamstamm ze din hätt, nëmmen déi aussergewéinlech, naturgetrei copie vu mengem grousspapp sengem gesiicht, huet mech glat vun de stempele geha. zwéin deeg derno wollt ech hannescht kommen, zesumme mat memgem brudder. mir hun den hëlze grousspapp, de „meeschter vun de beem", den „här vum conter bësch", nët méi erëmfond.

Roger Manderscheid